



N°187
Entrée le 17.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.01.2024

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/01/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Vill Etuden op europäeschem Niveau weisen dass besonnesch 2 Sujete beim Choix fir en Elektroauto eng kruzial Roll spillen: d'Reechwäit an d'Luedinfrastruktur (sief et privat oder de Reseau an der Proximitéit vum Notzer). D'Prioritéit muss op der Luedinfrastruktur leien, well ee bei der Reechwäit als politesch Autoritéite kee wirklechen Handlungsspillraum huet. Och an dem Regierungssaccord steet, dass den ëffentleche Reseau u Luedstatioune op cibléiert Manéier promovéiert an ausgebaut soll ginn. Des Weidere steet am Accord, dass een sech oppe vis-à-vis vun der technologescher Entwécklung an dësem Beräich weist a weider Innovatiounen ënnerstëtzt. Och wa mir dës geplangten Efforten ënnerstëtzen, stelle mir eis Froe bei der praktescher Ëmsetzung vun dëse Pläng. Aktuell ginn et schonns Technologien déi de Choix fir en Elektroauto verstärken an d'Lueden un enger Statioun als Experienz vereinfachen. Konkret denke mir hei un de Plug&Charge. Als Plug&Charge bezeechent een d'Méiglechkeet säin Elektroauto ouni RFID-Kaart ze lueden. Konkret kann ee bei eng Statioun bäifueren, de Kabel an- an ausstiechen an ouni wieder Interventioun direkt weiderfueren. Dat wat bei verschiddenen Operateure Standard ass an an aneren europäesche Länner schonns am Verglach méi verbreet ass, ass hei zu Lëtzebuerg nach éischer eng Raritéit. Proportional gesinn, schwätze mir hei vun enger klenger Minoritéit vun der existenter Luedinfrastruktur, an, eises Wëssens no, quasi exklusiv vu privaten Ubidder.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech de Ministère vis-à-vis vun dësem Constat ?
2. Sinn et Echangë mam nationalen Operateur zu dësem Sujet ginn a wat waren d'Konklusiounen vun dësen Diskussiounen? Falls nee, sinn esou Echangë kuerzfristeg geplangt?
3. Gëtt et eng technesch Méiglechkeet déi bestoend ëffentlech Luedstatioune mat engem dëraartegem System ze equipéieren oder brauch et komplett nei Statiounen?
4. Wéi vill ëffentlech Luedstatioune bidden aktuell zu Lëtzebuerg eng Plug&Charge Optioun un?



www.piraten.lu

5. Ginn et Pläng dëse Standard an passend (weider) Luedstatiounen an déi ëffentlech Infrastruktur ze integréieren? Falls jo, wéi vill weider ëffentlech Plug&Charge Statioune si bis 2025 geplangt?
6. Ass de Plug&Charge Standard Deel vun de Krittären, déi ee muss erfëlle wann een als Acteur Subside fir d'Opriichte vun enger ëffentlech zougänglecher Borne ufreet? A falls net, ass et kuerzfristeg geplangt dëse Standard als Krittär hei mat ze integréieren?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten





Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Madame la ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, à la question parlementaire n°187 du 17 janvier 2024 de Monsieur le Député Marc Goergen au sujet de la technologie de rechargement « Plug & Charge »

« Plug&Charge » wäert d'Luede vun Elektroautoen op ëffentlech zougängleche Luedstatioune vereinfachen, dohier ass dës Funktionalitéit sécherlech ze begréissen.

De Standard « Plug&Charge » erlaabt duerch d'Astieche vum Kabel eng automatiséiert Kommunikatioun an Ofrechnung tëschent dem Elektrogefier an der Luedstatioun, ouni datt een sech muss separat authentifizéieren. Fir dass de Luedvirgang beim Astieche vum Kabel automatesch gestart gëtt, mussen esou wuel den Auto, wéi och d'Luedstatioun, « Plug&Charge » ënnerstëtzen, an déi néideg Authentifizéierungs- an Ofrechnungs-Informatiounen mussen digital am Gefier hannerluecht sinn. Verschidde Bornen- an Autoshersteller bidden dës Funktionalitéit haut schonn un, et ass awer aktuell nach kee Standard deen sech am ganzen Automobilsecteur duerchgesat huet. Fir Lëtzebuerg ass et besonnesch wichteg, datt um europäesche Plang gekläert gëtt, wéini a wéi dës Funktionalitéit zum Asaz kënnt, esou dass ee Standard flächendeckend an effizient kann ugewant ginn.

Fir d'Entwécklung vun dëser Technologie ze vereinfachen, gouf d'ISO Norm 15118 agefouert a gëtt kontinuéierlech weiderentwéckelt. Dat néit Deedokument 20 vun der ISO-Norm 15118 (ISO 15118:20) bréngt ënnert anerem Verbesserung bei « Plug & Charge » mat sech: et kënnen zum Beispill méi Luedkontrakter hannerluecht ginn, fir dass automatesch ëmmer de beschte Kontrakt fir déi jeeweileg Luedstatioun ausgewielt gëtt. Fir d'Entwécklung an der EU virun ze bréngen, gëtt momentan ee « public key infrastructure » (PKI) Konzept fir eng verschlësselt Kommunikatioun tëschent der Luedinfrastruktur, de Luedkontrakter an den Elektroautoen ausgeschafft. Dëst, zesumme mat enger zukünfteger Obligatioun fir nei oder ersate Luedbornen kompatibel zu ISO15118:20 ze maachen, soll sécherstellen, datt d'Benotze vun « Plug&Charge » sech verbreet.

Et si bis elo keng spezifesch Echangingen zum Thema mat Operateure vu Bornen, déi hei am Land aktiv sinn, ginn. De Wirtschaftsministère verfollegt weiderhi souwuel d'Evolutioun vum legale Kader um europäeschen Niveau, wéi och déi technesch Entwécklungen um Marché vun de Bornen.

Et gëtt net erfaasst wéi vill Luedstatioune aktuell « Plug&Charge » ubidden. D'Stroumnetzbedreiwer, déi de Chargy System bedriewen, hunn op Nofro hi matgedeelt, dass d'Chargy Bornen héchstwarscheinlech net ëmrüstbar sinn, mee d'SuperChargy Bornen warscheinlech kéinten op « Plug&Charge » emgerüst ginn. Wat d'Bornen vun anere Bedreiwer vun ëffentlech accessibeler Luedinfrastruktur ubelaangt, hunn d'Ministère keng Informatiounen dozou.

Plug&Charge ass och de Moment kee Krittär fir ëffentlech Subventiounen ze kréien. Am Kader vu méiglechen zukünftegen Upassungen vum Subventiounsregimm wäert analyséiert ginn, ob nei



Krittären, zum Beispill och eng « Plug&Charge » Fäegkeet, oder d'Méiglechkeet zukünfteg op « Plug&Charge » ëmzerüsten, solle festgeluecht ginn.

Luxembourg, le 16/02/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles